N°3140
Entrée le 31.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.10.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Duerch de Klimawandel geléngt et etlechen invasiven Aarten, virun allem Insekten, an eist Land anzedréngen, wou se da grousse Schued un de Recolte kënnen uriichten. Dës Situatioun riskéiert souwuel de Wäibau wéi och déi klassesch Landwirtschaft ze belaaschten.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Ëm wat fir invasiv Aarten handelt et sech genee? Wat fir eng schuede besonnesch dem Wäibau an dem Geméisbau?
- Aus wat fir enge Länner ginn dës invasiv Insekten zum grousse Deel ageschleeft?
- Wat fir Mëttel an Instrumenter stinn de Moment zur Verfügung fir dës Insekten an aner Liewewiesen, déi un de Recolten Schued kënnen uriichten, ze bekämpfen?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Kulturminister op d'parlamentaresch Ufro n°3140 vum 31. Oktober 2025 vun den éirewäerten Deputéierten Här André Bauler an Här Luc Emering iwwert « Espèces invasives et leur impact sur les récoltes »**

1. **Ëm wat fir invasiv Aarten handelt et sech genee? Wat fir eng schuede besonnesch dem Wäibau an dem Geméisbau?**

2. **Aus wat fir enge Länner ginn dës invasiv Insekten zum grousse Deel ageschleeft?**

Den Naturmusée bedreift d'Websäit www.neobiota.lu, déi iwwer invasiv Aarten zu Lëtzebuerg informéiert.

Hei drënner ass eng Opléschtung vu relevante landwirtschaftleche Schädlingen:

| Numm: | Nogewisen zënter: | Hierkonft: | Beräich: |
|---|---|---|---|
| Kiischte-Fruuchtméck (Drosophila suzukii) | 2014 (etabléiert) | Ostasien | Uebst -a Wäibau |
| Asiatescht Himmelsdéierchen (Harmonia axyridis) | 2004 (etabléiert) | Ostasien | Wäibau |
| Brong marbréiert Bamwanz (Halyomorpha halys) | 2020 (etabléiert) | Ostasien | Uebst – a Geméisbau |
| Asiatesch Runn (Vespa velutina) | 2020 (etabléiert) | Ostasien | Wäibau, Imkerei |
| Grüne Reiswanze (Nezara viridula) | 2019 (etabléiert) | Ostafrika | Geméisbau, iwwerdréit Pilzkrankheeten |
| Pällemmatt (Cydalima perspectalis) | 2015 (etabléiert) | Ostasien | Pällem |
| Buffelcicade (Stictocephala bisonia) | 2002 (etabléiert) | Nordamerika | Wäibau |
| Echinothrips americanus | 2024 | Nordamerika | Gewächshaiser |
| Gewächshausthrips (Heliothrips haemorrhiodalis) | 2024 (am Fräiland meeschtens net bestänneg) | Südamerika | Zier – an Uebstkulturen |
| Thrips tabaci | 1999 | Südwestasien | Geméisbau |
| Ahornblatthrips (Taeniothrips inconsequens) | 1998 | Noradmerika | Ahorn Bamschoulen/Uebstbau |
| Euphyllura olivina | 2023 | Mëttelmierraum | Oliven |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Homotoma ficus | 2025 | Mëttelmierraum | Figen |
| Ctenarytaina eucalypti | 2021 | Australien | Eukalyptus |
| Australesch Wollschildlaus (Icerya purchasi) | 2021 | Australien | Zitrusfriichten |

Vill invasiv a potenziell schiedlech Aarten ginn duerch den internationale Gidder- a Persouneverkéier an d'Land agefouert. Aner Aarte breede sech, begënschtegt duerch de Klimawandel, aktiv aus an erreechen aus méi südleche Regiounen (Mëttelmierraum) Lëtzebuerg.

3. **Wat fir Mëttel an Instrumenter stinn de Moment zur Verfügung fir dës Insekten an aner Liewewiesen, déi un de Recolten Schued kënnen uriichten, ze bekämpfen**?

Moossname fir d'Kulturen ze schütze si vilfälteg. Hei muss fir all Schädling individuell gekuckt gi, wéi a wéini signifikant Problemer optauchen, a wéi des vermidden kënne ginn. Dat ka vu präventive Moossnamen wéi Kulturféierung, Choix vun de Zorten, physesch Barrièrë wéi Netzer, Opbau vun Nützlingspopulatiounen bis zum Asaz vun Planzeschutzmëttel (PSM) goen. Et ass ze bemierken dass a besonnesche Fäll d'Méiglechkeet besteet eng Noutfall-Zouloossung fir de Asaz vu PSM unzefroen falls dës Mëttel géint de Schädling wierkt, awer am Prinzip net op der spezifescher Kultur zougelooss ass. Zu meescht trieden déi invasiv Aarte fir d'éischt an aner EU Länner op, esou dass een sech un deenen hiren Erfarungen inspiréieren kann.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit